Version approuvée



Amicale des hauts fourneaux
A et B de Profil-ARBED Esch / Belval

Rapport vun der

Assemblée Générale Ordinaire 2026

Denschdes, den 28. Abrëll 2026, 19:00 am „Café Gambrinus“ zu Esch

1 Begréissung an Unhuele vum Ordre du jour

Den Dan Cao, President vun der Amicale begréisst eng ronn 20 Gäscht a freet sech eng partie Grënnungsmemberen a vill bekannte Gesiichter erëmzegesinn an, dass och Kolleegen vun der Entente Mine Cockerill der Invitatioun nokomm sinn.

Vun der Staadt Esch wuaren de Yannick Kieffer, Historiker bei d'Amicale komm a vun der Gemeng Suessem de Schäffen Steve Gierenz.

Entschëllegt haten sech den André Zwally, Daliah Scholl vun Esch, d'Nathalie Morgenthaler, Deputéiert an de Misch Feinen vu Ferroforum. Vun de Membere vun der Amicale haten sech och nach de Carlo Jones, de Jhang Meis an de René Mackel entschëllegt.

De Ben Funck hat Ufangs Joer aus dem Verwaltungsrot demissionéiert, aus Zäitgrënn, ass awer nach ëmmer Member vun der Amicale a bereet punktuell matzeschaffen.

No enger Gedenkminutt fir eis Verstuerwe Kolleegen mëscht den President e kuerzen Exkurs a kuckt zréck op 20 Joer Amicale.

Wann haut eis groossherzoglech Koppel sech bei der „Joyeuse Entrée“ ënnert den Héichiewe fotografëiere léist dann ass dat zum groussen Deel deene Kolleegen vun der Amicale ze verdanken, déi sech fir de Patrimoine agesat hunn. Och wa nëmmen e Brochdeel vun den Anlagen konnt oder wollt gerett ginn, esou si mer dach awer houfreg op dat wat mer geleescht hunn. Och wann de Fonds Belval an d'Agora sech de Verdéngscht haut op de Fändel schreiwen, esou wësse mär weem mer d'Erhale vun den zwee Héichiewe ze verdanken hunn. Onermiddlech hunn eis Grënnungsmemberen hiert Wëssen zur Verfügung gestalt, netz e zielen sinn d'Artikelen an d'Interview déi publizéiert goufen.

Eng onverkennbar Silhouette ! Haut sin d'Héichiewen d'Symbol vun Esch, vum Minette an dat ass och gutt esou.

D'selwecht mat der Gebléishal. Och hei wësse vill Leit net méi, dass dat e lange Kampf vun de Membre vun der Amicale wuar, déi sech géint d'Baggere gewiert an bewise hunn dass de Wäert dee fir d'Land a seng Leit als Erënnerung bleift keng Käschten ze deier wieren.

Bedauerlech ass den Ofrëss vun den zwee Tierm, déi eenzeg Anlag op Bieleser Terrain. Dat wuar Muttwëll, well déi hätte roueg kenne stoe bleiwen. Ma de Promoteur huet sech hei duerchgesat. Wat en Aarmut!

D'Amicale feiert dëst Joer hieren 20. Grënnungsdag. Wat obedingt muss gemeet ginn, dat sinn Temoignages vun deene Leit déi nach op der Schmelz geschafft hunn an Toun a Bild festzehalen. Dofir ass éischt Prioritéit nach am

Laaf vun dësem Joer, an Eegeregie, déi Zäitzeien ze interviewen. Eng grouss Party wäerte mer dest Joer net organiséieren, ma awer wärend der Fête de St Eloi op eis 20 Joer Bestoen zréckkommen.

Den Appell geet also un iech all fir eng Hand mat unzepaken an iech an de Kommitee ze mellen.

No der Begréissungsried gung et weider mam Ordre du jour, dee vun der Versammlung ugeholl gouf.

2 Aktivitéitsbericht vun 2025

Den Aktivitéitsbericht 2025 gëtt vum Patrizia Arendt, Sekretärin virgedroen.

Sitzunge vum Verwaltungsrot wuaren am Joer 2025 der 7 (20.02 / 06.03 / 17.03 / 20.05 /10.07 / 07.10 / 17.11).

D'Generalversammlung wuar den 27.03.2025 an der Brasserie du Boulodrome.

2025 hate mer keen Ausfluch gemaach.

Haapttheme vun eisen Versammlunge wuaren natierlech d'Unerkennung vun der Fête de St Eloi als Patrimoine immateriell. Do si säit 2024 verschidden Demarchen gemaach ginn. Deen Dossier behandele mer zesumme mat der Escher Gemeng. D'Amicale hat och en Artikel am Fe, der Zeitung vum Ferroforum iwwert de St Eloi a seng Bedeitung haut.

Den 13.10.2025 wuar eng Delegatioun vun Membre vun der Amicale an dem Ferroforum an de Siège vun ARCELOR/MITTAL invitéiert fir iwwert konkret organisatoresch a finanziell Hëllef fir d'Virbereedung vun der St. Eloi-Feier 2025 ze beschwätzen.

D'St Eloi-Feier huet dann och den 1. Dezember an der Halle des poches à fonte um Belval stattfond. No der Sonnerie aux Morts an dem traditionellen Dépôt vun de Gerbes ass et mat engem interessante Progamm an der Halle des poches weidergaangen. E grousse Merci un d'Kolleege vun der Entente Mine Cockerill a Ferroforum déi zum Gelengen vun dëser traditioneller Feier bäigedroen hunn. De Misch Feinen hat eis de Karton fir d'Invitatioun nees gemeet, de Luciano Pagliarini hat eng ganz Partie Museker zesummegetrommelt fir mat Livemusek e flotte Film iwwert den Héichuewen C ze begleeden. Dem Marie Gales och e grousse Merci fir Presentatioun duerch de Programm vum Owend. E grousse Merci dann och un d'Gemengen Esch a Suessem déi och dat Joer den Èierewäin spendéiert haten an duerch den André Zwally an de Steve Gierenz vertruede wuaren. A last but not least och e grousse Merci un den Samuel Ferrai, President vum OGBL-Sidérurgie fir seng Ried a Präsenz op der Gedenkfeier un eis Schmelzaarbechter.

Weider hate mir als Amicale, vertrueden duerch den Dan Cao deen als conseiller scientifique, bei der Zesummestellung vun der Fotoausstellung „BELVAL EN METHAMORPHOSE", déi am Kader vun de „Journées européennes du patrimoine" vum CNCI, dem „Centre national de la culture industrielle" organiséiert gouf, matgehollef a beroden. Hei goufen Fotoen déi eise Grënnungsmember Marcel Bouschet tëschent (1957-1997) op Belval gemeet hat, an der Möllerei ausgestallt. Des Ausstellung konnt e vum 19. September bis den 30. November besichen.

3 Finanzbericht vun 2025

D'Joëlle Pizzaferri, Trésorière, dréit de Finanzbericht fir.

Op der Säit vun de Recettes, déi sech aus Cotisatiounen, Dons an engem Subside vun der Staadt Esch zesummesëtze sinn 4.713,30 € verbucht ginn. Bei den Depenses, déi sech aus verschiddenen Frais zesummesëtze stungen 1.969,55 €, esou dass d'Finanzjoer mat engem positive Resultat vun 2.743,75 € konnt kloturéiert ginn. Détailer am Unhang vun dësem Bericht.

4 Bericht vun de Keesereviseure

D'Keesereviseure Serge MOLITOR an Ercole MARIANGELI hunn d'Keess kontrolléiert a schréftlech matgedeelt, dass alles korrekt comptabiliséiert gouf an Decharge fir d'Tresorière gefrot.

5 Decharge vum Kommitee

Decharge vun der Tresorière an dem ganze Kommitee gouf par acclamation ausgeschwat.

6 Erneierung vun de Mandater vun de Keesereviseuren an dem Verwaltungsrot

Esouwuel déi zwee Keesereviseure wéi och d'Membere vum Kommitee huelen e weidert Mandat un.

2 nei Membere hunn sech fir am Kommitee matzeschaffe gemellt: Wëllkomm Stephane Biwer an Pasquale Martini.

7 Programm a Projete fir 2026

De President geet dann och kuerz op de Programm an d'Projeten déi dëst Joer ustinn an.

Wéi schonn am Ufank gesot steet 2026 am Zeeche vun eisem 20. Anniversaire. D'Interviews mat eise Grënnungsmemberen huet éischt Prioritéit. Wärend der Versammlung huet de Yannick Kieffer d'Hëllef vu sengem Service ugebueden. E grousse Merci doderfir un d'Staadt Esch.

Weider wäerte mer mat den Demarche fir d'Unerkennung vun der Fête de St Eloi als Patrimoine immateriell bei der UNESCO weiderfueren. D'Staadt Esch huet eis bis elo heiranner ënnerstëtzt a wäert eis dann hoffentlech och weider ënnerstëtzen. Schued, dass de Patrick Dondelinger vum Kulturministère den Owend net konnt hei sinn, hien hätt eis e puer Wuert zu dem ganze laangwierege Prozess kenne soen.

Natierlech muss d'Organisatioun vun eiser traditioneller Fête de St Eloi och preparéiert ginn. Et gouf Changementer an der Chefetage vun der ARCELOR/MITTAL an do musse mer kucke wéi wäit déi nei Equipe d'Amicale weider ënnerstëtze wäert, an op mer d'Halle des poches à fonte nach fir eis Veranstaltung zur Verfügung gestallt kréien.

Eis Zesummenaarbecht mat de Kolleege vun der Entente Mine Cockerill an vu Ferroforum geet natierlech och gefleegt.

Vläit packe mer et och dëst Joer en Ausfluch zesummen ze maachen. Iddie sinn der schonn eng parti hei genannt ginn.

Mat enger verstärktener Equipe kréie mer dat hin.

8 Fräi Aussprooch

Am Numm vun der Suessemer Gemeng felicitéiert de Steve Gierenz d'Membere vun der Amicale fir hier Ausdauer an hiren Asaz fir d'Erhalen vum Patrimoine industriell an der Geschicht vum Minett. Hien wënscht der Amicale nach vill Energie a Kraaft fir dat alles ze realiséiere wat nach usteet. Et ass wichteg dass d'Zäitzeien eise Kanner vun der Schmelz erzielen, wëll soss geet dat Wëssen an d'Erënnerung verluer. D'Amicale huet also eng nobel Aufgab. Déi Suessemer Gemeng wäert och fir déi nächst ST Elo-Feier den Èierewäin gäre spendéieren.

Verschidden Iddie fir Betribsbesichtegunge oder fir en Ausfluch gi gesammelt.

9 Ofschloss

De President wënscht der Assemblée e gudden Appetit a seet der Equipe aus dem Café Gambrinus Merci fir zur Verfügungstelle vum Bistro a fir de Plat, deen uschléissend zerwéiert gouf – Fritten Ham an Zalot .

Am neie Verwaltungsrot vun der Amicale si follgend Memberen :

Dan ANTONY, Patrizia ARENDT, Stéphane BIWER, Dan CAO, Robi GALES, Ed. HUBERTY, Camille LIESCH, Camille MAHOWALD, Pascal-Yves dit Pasquale MARTINI, Gino PASQUALONI, Joëlle PIZZAFERRI, Raymond WEYLAND.

Chargen ginn op der éischter Sitzung verdeelt.

Rapportrice: P. Arendt

Annexe:

Detailléierte Finanzbericht

Etat des recettes et dépenses 2025 (euro)

Recettes		**Dépenses**	
Cotisations	1680,00	Frais bancaires	42,00
Dons	2433,30	Frais postaux	327,60
Subsides	600,00	Frais d'événement	916,10
		Frais d'impression	392,91
		Frais informatiques (hébergement site web)	190,94
		Frais de représentation	50,00
		Dons versés	50,00
Total	4713,30	Total	1969,55
Résultat (recettes - dépenses)	**2743,75**		
Solde des liquidités au 01.01.2025	6099,95		
Nouvel avoir au 31.12.2025	8843,70		

Ugeholl op der Assemblée générale ordinaire vum 28. Abrëlll 2026

Signé Dan CAO, Präsident vun der Amicale des Hauts fourneaux A et B de Profil-ARBED Esch-Belval asbl